# Virwuert vun der ACEL



**Charles Donven**

Vizepresident
Representatioun



**Cédric Heintz**

Comitésmember



**Laurent Schengen**

Comitésmember



**Gianni Di Paoli**

Sekretär

**Léif Studentin, léiwe Student,**

Wann een zu Lëtzebuerg seng Schoul ofgeschloss huet, zitt et d'Student:innen iwwerall hin, sief et, dass een zu Lëtzebuerg bleift, an d'EU-Ausland geet oder esouguer méi wäit iwwert d'EU-Grenzen eraus. Oft steet een dann als Student:in déi éischte Kéier mat zwee Been am Liewen a gëtt mat Problemer a bürokrateschen Demarchë konfrontéiert.

Dës kënnen dir deelweis scho ganz am Ufank begéinen, verschiddener triede villäicht méi spéit op, mat anere wäert s de ni konfrontéiert ginn. Dat lescht ass natierlech jidderengem ze wënschen, mee dat ass leider awer net fir jiddereen de Fall. An all dëse Fäll soll dir de Studenteguide eng Hëllefstellung bidden.

Eise Guide ass am Ufank no de verschiddene Länner sortéiert, wou s de nëtzlech Informatioune speziell fir däi Studieland fënns. Hannen am Guide sinn dann och nach méi allgemeng Informatiounen ze fannen, déi grad fir de Start an d'Studium interessant sinn.

E grousse Merci geet hei eraus un déi verschidden Institutiounen, esou wéi och un eis Cerclen, déi eis bei der Zesummestellung vun dësem Guide ënnerstëtzt hunn. E weidere Merci geet awer och un de reschtleche Comité vun der ACEL, deen eis gehollef huet dës fënneft Editioun op d'Been ze stellen.

Zu gudder Lescht wëlle mir dir vill Spaass am Studium wënschen an hoffen, dass dëse Guide dir gutt Déngschter leescht. Leider wäert hei net all Problem dra beschriwwe sinn. Dofir kanns du dech ëmmer bei der ACEL, dem Student:innevertrieder, mellen, wa wärend dengem Studium Problemer optauche sollten.

# Impressum

| | |
|---|---|
| Editeur | Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL)<br><br>2, avenue de l'Université<br>L-4365 Esch-sur-Alzette<br><br>Tél.: 20 60 84 84<br>E-mail: contact@acel.lu<br>Internetsite: www.acel.lu |
| Tirage | 4000 Exemplairen |
| Koordinatioun | Charles Donven, Cédric Heintz, Laurent Schengen, Gianni Di Paoli |
| Realisatioun | Alexandre Luong |
| Fotoen | www.unsplash.com |
| Editioun | 2023 |

# Inhaltsverzeechnes

4 **Wat ass d'ACEL?**

8 **Studéieren...**

...zu Lëtzebuerg **10**
...an Däitschland **14**
...a Frankräich **19**
...an der Belsch **24**
...an der Schwäiz **28**
...an Éisträich **34**
...a Groussbritannien **37**
...an Holland **42**
...an den USA **45**

49 **Wunnengssich**

53 **Finanzéierung**

58 **Krankeversécherung**

Ob s du Student:in zu Lëtzebuerg oder am Ausland bass, hei sinn nëtzlech Informatioune fir dech!

**ERASMUS**

All Student:in huet am Kader vu sengem Studium d'Recht, 6 bis 12 Méint op enger Partner-Uni ze studéieren. Dëst nennt een en Erasmus.
Den Erasmus verlaangt eng gewëssen Organisatioun. D'Demarchen, déi s du maache muss, fir fortzegoen, si folgend:

1. Mat Zäiten däin Dossier erareechen.
2. D'Lëscht vun den Unien duerchkucken a kontrolléieren, wéi vill Plaze se ubidden.
3. Kucken, wéi ee Semester s du fort kanns a sécherstellen, dass dëst mam Uniskalenner iwwerteneestëmmt.
4. Dech iwwer d'Sproochkenntnisser, déi verlaangt ginn, informéieren (deemno wéi ass hei e Sproochentest néideg).
5. Eng Krankeversécherung hunn (normalerweis geet deng Carte européenne d'assurance maladie duer).
6. Dir iwwerleeën, wéi s du dat Ganzt finanzéiers (op der Uni.lu huet een deelweis eng Bourse zegutt).
7. Kucken, datt Coursen ugebuede ginn, déi s de beleeë muss.

Wann s du an d'Ausland studéiere gees, hues du, wärend deem Zäitpunkt wou s du am Ausland studéiers, d'Recht op d'Bourse de Mobilité vum Service Aides financières vum Ministère fir Héichschoul a Fuerschung.

Wann s du een Austausch an der Schwäiz maache wëlls, da muss du net iwwer den Erasmus-Programm, mee iwwer de Swiss-European Mobility Program fueren. D'Konditioune sinn awer déi selwecht wéi fir den Erasmus.



**Folgend Informatioune bezéie sech op d'Uni.lu (se kënnen an deenen anere Länner variéieren)**

Op der Uni.lu ass een Auslandssemester bis zum Ofschloss vum Bachelor obligatoresch. D'Bachelorstudent:inne kënne meeschtens am 3., 4., oder 5. Semester en Erasmus maachen. Dofir muss een awer mindestens 15 ECTS-Punkten am 1. Semester gepackt hunn. D'Masterstudent:inne kënnen nëmmen am 3. Semester an den Erasmus goen. Heifir muss ee säin Erasmus-Projet erareechen, deen dann evaluéiert gëtt.

Fir d'Student:inne fënnt eng Informatiounsveranstaltung am Ufank vum Semester statt (Enn Februar). Am Mäerz mécht een dann dräi Choixen, fir unzeginn, wou een am léifsten hi wéilt. Dono kritt een e Formular per Mail geschéckt, deen een ausfëlle muss. Déi responsabel Persoun vum Studiendepartement verdeelt dann déi fräi Plazen op Basis vun de Punkten, déi een huet (Abrëll).

Wann den Dossier da vun der Uni, op där ee studéiert, accordéiert gouf, muss ee sech op där Uni umellen, wou een hi wëll. Et muss ee säin Dossier selwer un d'Uni schécken. E Learning agreement gëtt ausgefëllt (30 ECTS-Punkte minimum). Dëse muss vum Responsablen aus dem Studiendepartement accordéiert ginn. Et kann een deen éischte Mount vum Erasmus dëse Learning agreement änneren, wann et néideg ass. Eng Ännerung muss och erëm vun deenen zwou Unien accordéiert ginn.

**WUNNENG**

D'Uni këmmert sech net ëm d'Wunnengssich. Du muss dech also selwer ëm e Logement an deem Land, wou s du däin Erasmus méchs, këmmeren. Oft hunn déi Unien awer selwer Wunnengen, déi se Erasmusstudent:innen zur Verfügung stellen. Well och hei d'Unzuel limitéiert ass, muss du fréi genuch u sinn, fir esou eng Plaz ze kréien. Heifir mells du dech am beschten direkt bei der Uni selwer.

**Méi Informatiounen zum Erasmus+ Programm vun der Uni.lu fënns du hei:**

wwwfr.uni.lu/international/mobilite/outgoing_etudiants_de_l_uni_lu/erasmus_etudes

**RUNDFUNKBEITRAG**

An Däitschland gëtt et de sougenannte „Rundfunkbeitrag". Dës Käschte setze sech souwuel aus Radios- wéi och Televisiounsfraisen zesummen. Wann s du d'Sozialbourse vum Staat kriss, kanns du dech dovu befreie loossen. Dofir brauchs du e „Befreiungsantrag" vum Rundfunkbeitrag. De Staat leet dëst Dokument direkt bei de gielen Ziedel, deen deng Bourse confirméiert, dobäi. Wann dat net de Fall ass, kanns du en Ziedel per E-Mail iwwer d'Adress aidefi@mesr.etat.lu ufroen. An der E-Mail muss Folgendes stoen: däin Numm, deng Matricule a fir wéi ee Joer de Certificat soll sinn. Du fënns den Ziedel och ënner:

www.verbraucherzentrale-niedersachsen.de/sites/default/files/medien/141/dokumente/Antrag%20auf%20Befreiung%20der%20Rundfunkbeitragspflicht.pdf

Dësen Ziedel muss du just erausdrécken an NET ausfëllen.
Zousätzlech kanns du nach dëse Bréif ausfëllen a bei deng Demande dobäileeën:

www.acel.lu/wp-content/uploads/2019/04/breif-gez.pdf.

Duerch dëse Bréif ass kloergestallt, dass d'AideFi déi Agence ass, déi zu Lëtzebuerg fir d'Bourse zoustänneg ass an och op wéi eng EU-Gesetzer ee sech fir d'Befreiung berifft. Och gëtt op den Artikel aus dem Rundfunkbeitrag-Gesetz fir Befreiung als Härtefall verwisen. Wichteg ass och, dass du dës Demande am beschten als Recommandé verschécks, fir dass du och beweise kanns, dass du d' Dokumenter erageschéckt hues.
Mam Aschécke vum Rundfunkbeitrag-Ziedel, dem AideFi-Certificat an dem Bréif sollt et méiglech sinn, sech vum Rundfunkbeitrag befreien ze loossen. Et muss een awer wëssen, dass de Rundfunkbeitrag sech ëmmer op de ganze Stot bezitt an net just op eng eenzel Persoun. Wann s du also an enger WG wunns an d'Sozialbourse kriss, mee deng Matbewunner:inne se net kréien, kanns du net vum Rundfunkbeitrag befreit ginn.

Du muss dës Befreiung all Semester ufroen, soss gëss du nees opgefuerdert, de Bäitrag ze bezuelen. No der éischter Befreiung soll et laut verschiddene Réckmeldunge souguer méiglech sinn, dat Ganzt online auszeféieren. Heifir muss du nees wéi uewe beschriwwen den Ziedel bei der AideFi ufroen, dëse scannen an da folgend Schrëtt duerchféieren:

• Op de Site goen:

www.rundfunkbeitrag.de/buergerinnen_und_buerger/formulare/kontakt/index_ger.html

## TAXE D'HABITATION

Wann s du a Frankräich wunns, hues du bis elo ëmmer Enn November déi sougenannten Taxe d'habitation ze bezuele kritt. Du muss awer fir den 1. Januar schonn an denger Wunneng gewunnt hunn, fir dann am November d'Tax gefrot ze ginn.

**Beispill:** Du kanns nëmmen eng Tax am November 2022 ze bezuele kréien, wann s du am Januar 2022 och an der Wunneng gewunnt hues. Wann s du awer elo am Abrëll 2022 an eng aner Wunneng plënners, kanns de awer nach ëmmer fir deng al Wunneng, an där s de am Januar 2022 gewunnt hues, eng Tax gefrot ginn.

**Neit Gesetz:** En neit Gesetz reegelt d'Taxe d'habitation nei a gesäit vir, dass du ab dem Joer 2023 keng Tax méi op dengem Haaptwunnsëtz bezuele muss. Dëst wëll heeschen, dass am Fall wou s du keng Wunneng den 1. Januar 2022 has, du och keng Taxe d'habitation am November 2022 bezuele muss.

Falls du also am Laf vum Joer 2022 an eng Wunneng a Frankräich plënners, wäerts du net méi mat der Taxe d'habitation konfrontéiert ginn.

Fir déi Student:innen, déi scho méi laang a Frankräich studéieren, gëtt Taxe d'habitation folgendermoosse gereegelt:

- 80% vun de Stéit sinn 2020 vun der Taxe d'habitation befreit ginn, nodeems si schonn eng Reduktioun vun der Tax vun 30 % am Joer 2018 a vu 65 % am Joer 2019 kritt hunn.
- Déi reschtlech 20 % vun de Stéit, déi weiderhin d'Taxe d'habitation hu misse bezuelen, hunn 2021 eng Reduktioun vun 30 % an 2022 eng Reduktioun vu 65 % kritt.

**Bemierkung:** Falls du weiderhi mat der Taxe d'habitation konfrontéiert gëss, kanns du dech gäre bei eis mellen. Falls déi Reduktioun vun der Taxe d'habitation bei dir geklappt huet, kanns du eis dat och gäre matdeelen.



ACL

# KEEP COOL
# KEEP MOVING!




Du këmmers dech ëm den Diplom, den **ACL këmmert sech em den Rescht.** Nieft dem **24/7 Pannendéngscht**, kenns du eis aner **Virdeeler fir jonk ACL Memberen**?

- Gefierer, wie eng Kamionett **fir däin Ëmzuch, einfach a bëlleg** am ACL Clubmobil lounen
- Mam New Driver-Program daat éischt Joer d'**Memberskaart gratis geschenkt** kréien
- Äis **ACL Kartings Pist zu Monnerech** mat den Kolleegen fir een **reduzéierten Präis** genéissen
- Profitéier och vun **speziellen Avantagen** bei eisen villen Partenairen

## MAT ENGEM A WÉI ASSISTANCE

ASCANNEN AN UMELLEN

Och an der Belsch ginn et eng Rei Saachen, déi s du als Student:in wësse muss. Mir hunn dir déi wichtegst Informatiounen zesummegefaasst, fir dir däi Liewen an der Belsch ze vereinfachen.

## ZONE DE BASSES ÉMISSIONS (ËMWELTPLAQUETTE)

Fir d'Loftqualitéit ze verbesseren, ginn ëmmer méi Stied op de Wee vun enger Ëmweltplaquette. Dës huet als Zil, déi ëmweltfrëndlechst Autoen ze favoriséieren, a wann ee keng huet, kann et séier deier ginn.

An der Belsch ware bis elo just Antwerpen a Bréissel concernéiert. Säit 2020 ass awer och zu Gent eng Ëmweltzon (LEZ) ageriicht ginn, an ab 2025 sollen der nokommen, zemools an der Wallonie. All Autofuerer:in, deen:déi an déi Zon erafuere wëll, muss sech registréiere loossen. All weider Informatiounen zu der sougenannter Low Emission Zone (LEZ) fënns du hei:

www.acl.lu/de-de/news/mobilite-tourisme/zones-de-basses-emissions

www.acl.lu/fr-fr/news/archives/zones-de-basses-emissions

op Däitsch

op Franséisch

Des Weidere gëllt ab dem 1. Juli 2022 en Dieselverbuet fir alleguerten d'Autoen, déi eng Euronorm 4 (oder méi al) hunn. Dëst gëllt op deem ganzen Territoire vun der „Région Bruxelles-Capitale". D'Geldstrof, wann een dës Norm net respektéiert, ka bei bis zu 350 € leien.

Beim ACL kanns du dech och iwwer déi verschidde Plaquetten informéieren:

ACL

**ACL Bertrange**
54, route de Longwy
L-8080 Bertrange
Tel.: +352 45 00 45-1
www.acl.lu

**ACL Ingeldorf**
34, route d'Ettelbruck
L-9160 Ingeldorf
Tel.: +352 45 00 45-2
www.acl.lu

Eldoradio

Luxembourg's Hitradio

**Du bass jonk, motivéiert, studéiers** am Ausland oder zu Lëtzebuerg an intresséiers dech fir d'Mediewelt?

**Da mell dech elo beim Eldo!**

méi Infoen op
**jobs.eldo.lu**



**Mir siche Freelance-Korrespondenten**

Zu denger Aufgab gehéieren Zesummestelle vu Rubriken a Reportagen iwwer spannend an aktuell Themen.

Mir si méi wéi nëmme Radio! Bei eis kriss du en Abléck an d'Welt vum Radio, de soziale Medien, kreative Campagnen a villem méi!

Eng journalistesch Ausbildung oder Erfarung ass vu Virdeel, awer keng Mussesaach.



95,0 / 105,0 / 107,2 MHz www.eldo.lu Eldo App

Tageblatt
LËTZEBUERG

STUDENTENJOB ALS JOURNALIST

# KOMM IN UNSER TEAM

Du hast großes Schreibtalent und blickst auf eine Zukunft als Journalist/in? Dann ist eine Schnupperzeit in unserem Team das Richtige für dich!



## AUFGABEN

- Informationen recherchieren und auf Richtigkeit prüfen
- Interviews führen und verarbeiten
- Aktiv beim Zeitungsinhalt mitwirken
- Und ganz wichtig: schreiben, schreiben, schreiben.

**GRATIS STUDENTENABO?**

Melde dich an über tageblatt.lu/student

## GIS


An Éisträich ginn et déi sougenannten „Rundfunkgebühren“ (GIS). Dës Käschte setze sech aus Radio- an Televisiounstaxen zesummen. De Betrag vun dësen Taxe variéiert vu Bundesland zu Bundesland. Aktuell si just déi éisträichesch Student:innen, déi eng Studiebäihëllef an Éisträich kréien, vun dëser Tax befreit.

D'Taxeflicht fänkt den éischten Dag vum Mount un, wou eng Televisioun oder e Radio an der Wunneng opgestallt ginn ass. Normalerweis ass et esou, dass d'GIS un der Hausdier schellt a freet, ob s du eng Televisioun oder e Radio hues.

De Moment probéiert d'ACEL ze erreechen, dass ee sech als Lëtzebuerger Student:in vun dësen Taxe befreie kann, wann een d'Sozialbourse kritt (esou wéi mir dëst beim Rundfunkbeitrag an Däitschland, fréier GEZ genannt, erreeche konnten). No éischte positive Resultater schaffe mir aktuell nach mat weideren Testkandidat:innen, fir eng Befreiung ze erreechen.

All Neiegkeeten, wat dëst Thema ugeet, wäerte mir op www.acel.lu veröffentlechen.

Bei Froe kanns du dech zu all Moment per Mail (contact@acel.lu) oder per Facebook bei eis mellen.



## MELDEFLICHT

Laut Gesetz besteet an Éisträich eng Meldeflicht. Wann s du méi wéi dräi Méint an Éisträich wunns, muss du dech um Gemengenamt oder um Bezierksamt (fir Wien) umellen. Dëst muss du an Zäit vun dräi Deeg, nodeems du an deng Wunneng erageplënnert bass, maachen. Dofir brauchs du deng Carte d'identité an och den ausgefëllten Umeldungsformulaire, deen s du ënner folgendem Link fënns:

www.oesterreich.gv.at/dam/jcr:38f0c638-c65a-4d06-98fe-ac4171607a3a/meldezettel.pdf

Zousätzlech brauch ee bei engem Openthalt vu méi wéi 3 Méint eng "Anmeldebescheinigung" déi als Beweis fir en Openthaltsrecht, an Éisträich, fonctionéiert. Des Dokument ass ënnerhalb vun den éischte 4 Méint bei der zouständeger Behörd unzefroen.
Weider Informatiounen zu dëser Prozedur fënns du iwwert de Link:

www.oesterreich.gv.at/themen/leben_in_oesterreich/aufenthalt/4/2/Seite.120810.html

Op dëser Internetsäit fënns du och nach wieder Informatiounen zu der Umeldung an Éisträich:

www.oesterreich.gv.at

Prozedur Openthalt

Infoen iwwer d'Umeldung

lequotidien.lu

Le Quotidien
INDÉPENDANT LUXEMBOURGEOIS



ÉTUDIANT

## Plonge-toi dans l'information de tous les jours

*Le Quotidien* place l'innovation au cœur de son approche de **l'information** avec toujours la même exigence de qualité et d'**indépendance éditoriale.**
Chaque jour, une information ouverte sur le **débat** sans préjugé, où la parole est donnée à toutes et tous.
**Reste connecté à l'actualité!**

Toutes les infos sur **lequotidien.lu**

